



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. November 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, weiderzeleeden.


Den Här Bausseminister huet de 9. November un der Chamberstribün erkläert, hie géif deboutéiert Flüchtlingen iwwert de Wee vum Aarbechtsmaart regulariséiere loossen, fir datt si net ausgewise ginn. Ech hunn dëse kuerze Verbatim erstallt: „Ech gi kengem de Statut. De Statut kritt een um administrative Plang am Ministère, do si Leit, déi weider näischt maachen, déi d'Leit enquêtéieren an déi da Jo oder Nee soen. Wann et Nee ass, ass et d'Gericht, wat déi lescht Decisioun hëlt. D'deet mer leed, et ass de Rechtsstaat wéi en zu Lëtzebuerg funktionéiert. A mir kucken elo, jiddereen, deen de Statut net kritt huet, dass mer e kënnen, wann en eng Méiglechkeet huet fir schaffen ze goen, dass mer e kënnen iwwer deen Travailleur-Statut, dass se kënnen zu Lëtzebuerg bleiwen, dat ass dat, wat mer maachen.“

Dëst Virgoe werft awer eng Rëtsch vu Froen op, déi ech heimat wéilt stellen.

1. Ass den Här Minister der Meenung, datt eng gerichtlech Decisioun an engem Rechtsstaat muss respektéiert ginn an datt deemno eng Persoun, déi de Statut definitiv refuséiert kritt huet, esou séier wéi méiglech muss d'Land verloossen?
2. Ass eng Prozedur, déi dorop eraus leeft, eng Decisioun vun engem Verwaltungsgericht virsätzlech ze ëmgoen, net eng Mëssuechtung vun der Justiz?
3. Sicht den Här Minister systematesch all DPI, deen deboutéiert ginn ass, eng Aarbechtsplaz? Wéi dacks ass dat an deene leschte Jore geschitt an aus wéi enge Länner koumen déi betrafte Persounen?
4. Firwat probéiert den Här Minister, deen dëse Persoune de Statut jo an där éichter Phas vun der Prozedur net accordéiert hat, si dono iwwer den Travailleur-Statut awer am Land ze halen, och esou guer da wa si gerichtlech ofgewise goufen?
5. Ass et net eng Mëssuechtung vun de Rechter vun deene ville Leit, déi hei am Land eng Aarbecht ënner reguläre Conditione sichen, fir mat Ministermuecht

Leit eng Plaz ze sichen an doduerch géintwuer aneren ze privilegiéieren, déi a priori keen Usproch op en Zougang zum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart hunn?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a long, sweeping horizontal line that curves upwards at the end, with a small, stylized mark above it.

Fernand Kartheiser
Deputéierten